Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Januar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

Vill Eenzelpersounen an och Stéit stinn aktuell beim Fonds de Logement op enger Waardelëscht.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Logementsminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi vill Eenzelpersounen insgesamt op der Waardelëscht vum Fonds de Logement stinn a wéi dës sech no Alter, Geschlecht an Nationalitéit opdeelen? Kann den Här Minister déi nämmlecht Informatiounen och fir d'Zesummesetzung vun de Stéit matdeelen?
2) Kann den Här Minister matdeelen, no wéi enge Krittären d'Leit an der aktueller Situatioun prioriséiert ginn a preziséieren, wéi den Ëmstand bewäert gëtt, wa Leit scho Joren oder Joerzéngten hei am Land wunnen an hei schaffen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten